d' Clubmeeschterschaft 2011 vum Flyfishing Club Lëtzebuerg

Och dëst Joër hun erëm éng selleschen Memberen vum Flyfishing Club Lëtzebuerg un der Clubmeeschterschaft deelgehol, ausgedroën gouf d'Meeschterschaft an zwou Manchen ewoubäi déi éischt am Fléissgewässer op der Uewersauer am Heischentergron stattfond huet an déi zweet um Séi vun Rabais an der Belscht. Et woren am Ganzen éng 15 Memberen ungetrueden fir sech uneneen ze moossen, natirlech fënd och d'Clubmeeschterschaft beim Flyfishing Club Lëtzebuerg an énger spezieller Ambiance statt wat een schon um zäitlechen Oflaaf erkennen kann, dodernieft gin schon während dem Kongkur ënnert eneen déi beschten Mécken ausgetosch an och d'Héifflechkeet ënnert den Bedeelegten ass ewei ëmmer ganz grouss geschriwwen. Mée trotzdeem ass den sportlechen Éiergäiz bei allen Bedeelegten ganz grouss ewell et jo awer um Enn drems geet während éngem Joër deen Beschten ze sin.

Fir déi éischten Manche ze fëschen haten mir eis Samschdes den 10. September am Heischentergron virum Hotel Bissen getraff ewou et no der Auslousung unschléissend och direckt bei d'Waasser gaangen ass. Leider hat dëst Joër den Clubmeeschter vum leschten Joër esouvill Lousgléck dass no der éischter Stonn fëschen och dëst Joër d'Meeschterschaft schon praktesch gelaaf wor. Deem Éngen séng Freed, deem anneren säin Leed, esou ass den Yvon Erpelding an der éischter Stonn leider net zum fëschen komm ewell Hien den ganzen Zäit am Gaangen wor séngem Nooper d'Fësch ofzemoossen, mée och dës Situatioun huet Hien mat der gewinnten Geloosenheet gemeeschtert.

Et wor leider dëst Joër net vill Waasser an der Uewersauer ewell et am Verlaaf vum Joër net besonnesch vill gereent hat mée dofir hat den Péitrus et awer besonnesch gudd mam Wieder geméngt an Dat ass jo och net Näischt.

Nom Iessen ass et dun erem bei d´Waasser gaangen ewou nach zweemol éng Stonn gefëscht gouf, mée luung et um gudden Wieder oder un den gesiedegten Fëscher objiddverfall hun déi Meescht et Mëttes ee bëssen méi lues ungoën geloos och wann déi richtég Räiber ënnert den Memberen och Mëttes et net um néidegen Bëss mëssen geloos hun. Nodeems Mir dun Alleguer fréckt gefëscht woren sin dun bei éngem gemitlechen Pättchen op der Terasse vum Hotel Bissen d´Resultater ausgewäert gin an ofschléissend vum Präsident, dem Jean – Jaques May, verkënd gin.

Déi zweeten Manche ass den 15. Oktober zu Rabais an der Belscht gefëscht gin. Ewei all Joër gët éng Manche am fléissenden Gewässer an éng Manche am steeënden Gewässer ausgedroën. Genee ewei bei der éischter Manche am Heischentergron, haten mir et zuRabais ganz gudd mam Wieder erwëscht. Och hei sin dräi Duurchgäng zu énger Stonn gefëscht gin. Et wor leider zu Rabais zimlech zéih fir Fësch ze fänken an dofir hun hei och déi richtég Kongkurfëscher, ewei den Gilson Mich, sech um Enn och duurchgesat. Hien huet et fäerdeg bruecht fir sech mat nëmmen énger Manche ofschléissend awer nach als sechsten ze klasséieren, mée och eisen Rookie den Schrank Andy huet séng Ambitiounen un den Dag geluecht an no der zweeter Plaz dëst Joër wäert Hien et schwéier kréien sech nach ze verbesseren. Drëtten wor dëst Joër den Paulus Raymond, Hien ass schon éng kléng Éiwegkeet dobäi an ass een vun den aal verdéngtenen Memberen vum Club. Deen décksten Fësch hun dëst Joër gläich zwee Fëscher gefaangen, den Andy an den Yvon, esou dass Sie sech den Präis deen dorober ausgesat ass, leider deelen mussen. Awer och dëst Joër hat d´Sonn erëm am hellsten op den Luss geschéint an Hien konnt mat vill Gléck säin Titel vum leschten Joër erfollegräich vedeedegen.

Et sin leider, ewei schon ernimmt, net ganz vill Fësch gefaangen gin an gemenger Hand wor et esou dass een direckt am éischten Duurchgang huet missen séng Fësch fänken ewell duerno ass et ëmmer méi schwéier gin fir iwwerhaapt nach Fësch ze fänken. Mée och zu Rabais stung d´Komerodschaft am Virdergrond an esou ass awer vill gestëppelt an gelaacht gin, zeemols wann een niewend dem Präsident untrieden muss, gëll Du Jeek ....., Hien huet awer och Alles probéiert fir d´Meeschterschaft nech éng Kéier spannend ze maachen esou huet Hien zum Beispill dem Luss séng Fiche dräimol hannert eneen an d´Waasser faalen geloos an wor duerno roosen dass een awer nach eppes drop liesen konnt, och huet Hien probéiert dem Luss séng beschten Mécken ofzeluxen mée och Dat huet schlussendlech awer net gehollef och wann Hien sech wirklech all erdenklech Méih gin huet. Ofschléissend hun mir eis och hei zu éngem gemitlechen Patt zesummengesat, den Präsident huet ewei ëmmer d´Resultat ausgerechnet an och ofschléissend matgedeelt.

Ofschléissend nach d'Resultater vun der Clubmeeschterschaft 2011

Classement	1re manche		2e manche		Résultat final	
	points	place	points	place	points	place
BERTHOLET Gérard	0	13	*45*	11	45	16
BERTHOLET Pit (Junior)	0	13	45	11	45	16
DILK Lucien	654	1	**265**	**2**	**919**	**1**
DUMONT Marc	82	11	*45*	11	127	13
EHR Jean	0	13				
ERPELDING Yvon	145	7	106	6	251	8
GRAAS Gast	0	13	0			
GILSON Michel	0	13	325	1	325	6
HANSEN Holger	45	12	211	3	256	7
HOFFMANN Jhemp	137	8	**93**	**10**	**230**	**9**
JUNG André	45	12	*151*	5	196	11
MAY Jean-Jacques	87	10	45	11	132	12
MEIS Fränz	0	13	45	11	45	16
MUNO Dan	326	4	100	8	426	4
PAULUS Raymond	284	5	160	4	444	3
PIERROT Dan	350	3	45	11	395	5
QUINTUS Jean	120	9	0		120	14
RIEHL Patrick	218	6	0		218	10
RIES Roland	0	13	*97*	9	94	15
SCHRANK Andy	381	2	106	6	487	2

PODIUM

Champion 2011	**dilk lucien**
Vice-champion	schrank andy
classé 3e	paulus raym

plus gros poisson : erpelding et schrank 41 cm